N°2299
Entrée le 08.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

2022 hat déi virëgt Koalitioun an enger Schnellprozedur d'Finanzéierungsgesetz vun der SuperDrecksKëscht an der Chamber gestëmmt, wat zënter dem 15te Juli 2022 a Kraaft ass.

Dëst Gesetz war entstanen, nodeems 2022 eng Serie vun Artikelen op reporter.lu verdächteg Dysfunktionnementer bei der SuperDrecksKëscht opgedeckt an d'Virwërf vu Favoritismus, Vetternwirtschaft a Korruptioun an de Raum gestallt hunn.

Bei der Aktioun SuperDreckskëscht war opgefall, dass virun allem eng Firma mat engem Konstrukt un Ënnerfirmen vun der Aktioun SuperDreckskëscht a soumadder vu Steiergelder profitéiert hat. Déi deemolëg Ëmweltministesch hat deemols een Pseudo-Audit an Optrag ginn (dee keen offiziellen Audit war, esou wéi et am Dokument selwer ze liesen ass), deen d'Situatioun vun der Aktioun SuperDreckskëscht beliicht.

An der Chamberssitzung vum 16te Juni 2022 hate 27 Deputéierten, dorënner och den aktuellen Ëmweltminister, sech an zwou Motiounen dofir ausgeschwat, dass een neien onofhängegen Audit sollt opgestallt ginn an dass d'Aktioun vun der SuperDrecksKëscht sollt nei ausgeschriwwe ginn.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°140 huet den Ëmweltminister awer geschriwwen, dass et fir hie kee Grond géif ginn, fir "deen aktuelle Vertrag net bis zu senger Echeance weider ze féieren." Zum Audit goufen et zënter leschte Joer keng nei Nouvellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wäert den Minister, elo, 3 Joer no dësem Skandal, endlech een neien Audit zur SuperDreckskëscht an Optrag ginn, deen déi ganz Aktioun SuperDrecksKëscht an d'Firmekonstrukter hannendrunner onofhängeg beliicht? Falls jo, bis wéini wäert dëst geschéihen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten